PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Biodreifstoff gëtt als Alternativ zu de fossille Brennstoffer gesinn. D'Hierstellung vum Bioethanol ass awer kontestéiert, well ee fir d'Hierstellung Planze wéi Raps, Soja oder och Palmenueleg a grousse Menge brauch.
Zu Lëtzebuerg gouf den 1.01.2019 decidéiert, 95er Bensin aus bis zu 10% planzlechem Ursprong ze verkafen. 2020 huet an der EU de Biosprit nëmmen zu Maximal 7% aus dëse Planzen dierfe bestoen. D'Kommissioun huet 2019 decidéiert, dass den Asaz vu Palmenueleg am Bioethanol bis 2030 op Null soll erofgefuer ginn. Si huet festgehalen, dass d'Palmenueleg-Produktioun zu enger Ofholzung vu Bëscher féiert an dofir net als Wee fir d'Ëmsetze vun de Klimaziler dierf benotzt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini gouf hei zu Lëtzebuerg ugefaangen, Sprit ze verkafen, deen deelweis oder ganz aus Bioethanol besteet?
   Vun deem Moment un bis Enn 2020: wéi vill Kubik Liter Palmenueleg goufen op Lëtzebuerger Tankstelle getankt (opgeschlësselt no Joer)?

2. Viséiert d'Regierung weider Erhéijungen oder eng Verréngerung a Punkto planzleche Komponenten an den Dreifstoffer?
   Wann jo, wat sinn déi viséiert Prozentsätz vun Ethanol a Bioethanol?
   Wéi eng planzlech Komponente sollen dobäi zum Asaz kommen?

3. Wéini sollen déi 0% Palmenueleg am Bioethanol zu Lëtzebuerg erreecht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député